LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 15 JAN. 2021

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**L-2450 LUXEMBOURG**

n. réf.: A37.2394.20

**Objet : Question parlementaire n°3344**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 3344 du 18 décembre 2020 des honorables Députés André Bauler et Gusty Graas au sujet de « Drones de l'armée luxembourgeoise »**

Zanter dem 13. November 2020 setzt d'Lëtzebuerger Arméi Mikro- a Mini-Observatiounsdronen am Mali an, fir d'Europäesch Trainingsmissioun (EUTM Mali) z'ënnerstëtzen. Dësen Asaz ass bis den 19. Juni 2022 geplangt.

Allerdéngs ass am Géigesaz zu den Aussoen an der Ufro vun den honorablen Deputéierte weder ee Finanzement vu Lëtzebuerg nach eng Kollaboratioun mat der Lëtzebuerger Arméi virgesi fir e Formatiounszenter fir d'Fléie vun Dronen am Mali ze installéieren.

D'Asätz vun der Lëtzebuerger Arméi a Krisegebidder fannen exklusiv am Kader vun enger Missioun ënnert internationalem UNO-, EU- oder NATO-Mandat statt. An de jeeweilege Missiounen definéieren UNO, EU oder NATO "Rules of Engagement" déi sech un d'internationaalt humanitäert Recht a Vëlkerrecht halen an déi d'Lëtzebuerger Arméi beim Asaz vun hiren Observatiounsdronen applizéiert.

D'Lëtzebuerger Arméi huet am Moment 4 verschidden Zorte vu rengen Observatiounsdronen déi weder arméiert nach arméierbar sinn. Et handelt sech em Dronen aus de Klassen *Mikrodron* mat 1,5 kg, *Minidron* mat 2 kg respektiv 7 kg esou wéi *Medium Taktesch Dron* mat 75 kg Gesamtgewiicht.

Am Detail huet d'Arméi

- an der Klass Mikrodron :
  - 12 Dronen,
- an der Klass Minidron :
  - 6 Systemer à 3 Drone vun 2 kg an
  - 8 Systemer à 3 Drone vu 7 kg,
- an der Klass Medium Taktesch Dron:
  - 2 Systemer à 2 Dronen.

Am Kader vun der Erneierung an der Moderniséierung vun hire Kapazitéiten am ISR-Beräich (Intelligence, Surveillance, Reconnaissance) wäert d'Arméi hiren Dronepark weider ausbauen ouni dass scho präzis Pläng bestinn.

D'Formatiounen an d'Übunge fannen an dofir predefinéierte Loftraim zu Lëtzebuerg, an der Belsch, Holland a Spuenien statt.